PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/07/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

An de Rapports annuels vun dem Fonds de compensation kann een ënnert anerem och d'Entwécklung vun den „prêts hypothécaires aux particuliers" novollzéien. Esou ass am Rapport vum leschte Joer ze liesen, dass Enn 2023 nach 313 Prête bei engem Taux vun 1.75% aktiv sinn, déi insgesamt nach 8.5 Milliounen Euro wäert sinn. Och ass ze liesen, dass de Volume u Prête konstant erofgeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi kënnt et dozou, dass sech Prête vu Particulieren am Fonds de compensation erëmfannen?
2. No wéi enge Krittäre ginn dës Prêten ausgewielt an/oder opkaf?
3. No wéi enge Krittäre ginn déi applizéiert Zënssätz festgeluecht a wéi ass de groussen Ënnerscheed zu den aktuell um Marché applizéierten Zënssätz ze erklären?
4. Wei positionéiert sech de Ministère zu der beschriwwener Entwécklung vun der Unzuel u Prêten? Wéi gesäit hei déi kuerzfristeg a laangfristeg Strategie aus? Ass e konstante Renouvellement geplangt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten